N°1229
Entrée le 08.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1229 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Streetwork riicht sech virun allem u Leit am Erwuessenenalter, fir déi den ëffentleche Raum zu hirem Haaptliewensberäich ginn ass. Si weisen dacks eng geréng Gesondheetskompetenz op an hunn an der Reegel keen oder nëmmen ageschränkten Zougang zu Ariichtungen aus dem Sozial- a Gesondheetsberäich. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) cofinanzéiert a kenger Gemeng Streetworkeren an duerfir gouf d'Demande vun der Gemeng Péiteng aus dem Joer 2021 och net zeréckbehalen.

De MENJE ënnerstëtzt awer a verschiddene Gemengen eng Verstäerkung vun der edukativer Equipe vu Jugendhaiser, fir méi geziilt op vulnerabel Jonker duerzegoen an, wa gewënscht an néideg, si ze beroden, fir datt si aus méi schwierege perséinleche Situatiounen erauskommen.

D'Jugendhaus Péiteng, dat vun der Gemeng a vum MENJE cofinanzéiert ass, huet am Pilotprojet *Outreach 2016 – 2018* matgemaach. An deem Kader gouf een zousätzleche Poste cofinanzéiert. Dësen ass, no der Pilotphas, perenniséiert a besat ginn.

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH